PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/08/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mëttelstand, Justiz & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Nodeems d'Joer 2019 méi Faillitte wéi d'Virjoer opzeweisen hat (ee Wort-Artikel vum 13te Januar 2020 hat doriwwer beriicht) huet d'Coronapandemie dëst Joer sécherlech säin Deel dozou bäigedroen, dass d'Unzuel vun de Faillitte par Rapport zu de Virjoren sech verännert

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Firmen hunn zënter dem Ufank vun der Sars-Cov-2-Pandemie eng Faillite deklaréiert a géint wéi vill Firme gouf zënter dem Ufank vun der Pandemie eng Faillite vum zoustännege Geriicht ausgesprach?
2. Wéi eng Secteuren sinn dëst Joer, am Verglach zu anere Joren, am meeschte vu Faillite betraff?
3. Wéi vill nei Societéite goufe säit dem Ufank vun der Pandemie gegrënnt? A wéi enge Secteure goufen dës Firme gegrënnt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député